N°2815
Entrée le 28.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 28.08.2025
Chambre des Députés

Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation
et de la Viticulture 8
Référence :
28 AOUT 2025
A traiter par
Copie à

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 26. August 2025

Här President,

Sou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, géing ech Iech biede follgend parlamentaresch Fro un d'Madame Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau, un d'Madame Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet an un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden.

Rezente Medieberichter no, sollen et an Däitschland ëmmer méi Fäll vun THC-Vergëftunge bei Hënn ginn. An de meeschte Fäll wier dat dorop zeréckzeféieren, dass en d'Hënn an der Natur op Reschter vu Cannabispreparater stoussen an déi ongewollt verschlécke géifen. Veterinäre weisen sech alarméiert a verweisen op déi grave gesondheetlech Konsequenzen déi dëst mat sech brénge kann.

An dem Zesummenhang géing ech gär follgend Froen un d'Dammen an den Här Minister stellen :

- Sinn de Ministeren Fäll vun THC-Vergëftunge bei Hënn hei am Land bekannt a wa jo, wéi vill?
- Ginn et och esou Fäll bei aneren Déieren?
- Gëtt et aktuell hei zu Lëtzebuerg e Problem wat d'Reschter vu Cannabispreparater an der Natur ubelaangt?
- Gëtt et de Ministeren no, eng Relatioun tëschent der rezenter Liberaliséierung vum Cannabis an der Quantitéit u Reschter u Cannabispreparater an der Natur, wéi och der Unzuel u Behandlunge vun THC-Vergëftunge bei Hënn?
- Wat gedenken d'Ministeren géint dëse Phenomen z'ënnerhuelen, respektive derfir ze suergen, dass dësen net hei zu Lëtzebuerg opkënnt?
- Wuelwëssend dass et elo scho verbueden ass, Offall an der Natur ze entsuergen, sinn d'Ministeren net der Meenung, dass e speziell iwwert dës Problematik sensibiliséiere sollt fir op déi grave gesondheetlech Konsequenze fir d'Déieren opmierksam ze maachen? Ass an deem Sënn eng Sensibiliséierungscampagne geplangt?
- Wat fir Moyen'e stinn de Veterinären am Moment hei zu Lëtzebuerg zur Verfügung fir eng THC-Vergëftung ze diagnostizéieren?
- Wéi eng Therapieméiglechkeete ginn et aktuell an dem Fall?
- Ginn et vun offizieller Säit aus, Recommandatioune wat en als Proprietäre vun engem Hond an dem Fall soll maachen?
  - Wa jo, wéi eng Recommandatioune sinn dat?
  - Wann nee, gedenken d'Ministeren esou Recommandatiounen auszeschaffen?

Här President, ech bieden Iech dës Fro mat mengem déifste Respekt unzehuelen.

Nancy Arendt - Deputéiert

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau a vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°2815 vum 26. August 2025 vun der éierewäerten Deputéierten Nancy Arendt**

1. **Sinn de Ministere Fäll vun THC-Vergëftunge bei Hënn hei am Land bekannt a wa jo, wéi vill?**

Der ALVA si keng konkret Fäll bekannt. Et gëtt alt mol heiansdo e Verdacht op esou eng Ursaach bei Hënn mat Vergëftungssymptomer, seet d'Lëtzebuerger Associatioun vun de Klengdéierepraktiker (LAK), et ass awer kee rezente Fall bekannt, wou THC konnt als Ursaach confirméiert ginn.

2. **Ginn et och esou Fäll bei aneren Déieren?**

D'ALVA huet keng Informatiounen zu Fäll bei aner Déieren.

3. **Gëtt et aktuell hei zu Lëtzebuerg e Problem wat d'Reschter vu Cannabispreparater an der Natur ubelaangt?**

   Dozou léie keng Zuele vir.

4. **Gëtt et, de Ministeren no, eng Relatioun tëschent der rezenter Liberaliséierung vum Cannabis an der Quantitéit u Reschter u Cannabispreparater an der Natur, wéi och der Unzuel u Behandlunge vun THC-Vergëftunge bei Hënn?**

Der ALVA ass keng erhéichte Prävalenz vun esou Behandlunge bekannt.

5. **Wat gedenken d'Ministere géint dëse Phenomen z'ënnerhuelen respektiv derfir ze suergen, dass dësen net hei zu Lëtzebuerg opkënnt?**

6. **Wuelwëssend, dass et elo scho verbueden ass, Offall an der Natur ze entsuergen, sinn d'Ministere net der Meenung, dass e speziell iwwert dës Problematik sensibiliséiere sollt fir op déi grave gesondheetlech Konsequenze fir d'Déieren opmierksam ze maachen? Ass an deem Sënn eng Sensibiliséierungscampagne geplangt?**

Et ass kéng Sensibiliséierungscampagne geplangt am Moment well kéng erhéichte Prävalenz vun Vergëftungsfäll am Zesummenhang mat THC bekannt ass. Et ginn an awer a reegelméissegen Ofstänn allgemeng Campagnen géint de Littering duerchgefouert. Wann e Problem mat Vergëftungen duerch eng ongewollt Opnam vun THC sollt opkommen, sollten d'Veterinären an d'Ëffentlechkeet op esou Geforen natierlech opmierksam gemaach ginn.

7. **Wat fir Moyen'e stinn de Veterinären am Moment hei zu Lëtzebuerg zur Verfügung, fir eng THC-Vergëftung ze diagnostizéieren?**

En Hond mat enger richteger THC-Vergëftung huet neurologesch Symptomer (evtl. och nach weider Symptomer wie Problemer mam Verdauungsapparat); dës sinn an der akuter Phas schwéier vu Vergëftungen duerch aner Substanzen ze ënnerscheeden. Fir d'Bestëmmung vun der Ursaach ass eng

gutt Anamnees an d’Éierlechkeet vum Besëtzer vu grousser Bedeitung. Analyse kënnen am Ausland a veterinärmedezinesche Laboratoirë gemaach ginn, sou wéi dat och fir all aner Analysen am Klengdéiereberäich de Fall ass.

**8. Wéi eng Therapieméiglechkeete ginn et aktuell an dem Fall?**

D’Behandlung ass ëmmer vun der Virgeschicht (z.B. wéi laang ass et hier, dass d’Substanz opgeholl ginn ass?) an de Symptomer an hirem Grad ofhängeg a gëtt vum Déierendokter vu Fall zu Fall entscheet. Bei enger akuter Vergëftung gëtt d’Déier an der Reegel symptomatesch, z.B. mat Infusiounen an Aktivkuel, behandelt.

**9. Ginn et vun offizieller Säit aus Recommandatiounen, wat een als Proprietäre vun engem Hond an deem Fall soll maachen?**

- **Wa jo, wéi eng Recommandatioune sinn dat?**
- **Wann nee, gedenken d‘Ministeren esou Recommandatiounen auszeschaffen?**

Wie ëmmer wann een de Verdacht huet, dass engem säin Déier eng Substanz opgeholl huet, déi gëfteg kéint sinn, soll een säin Déierendokter kontaktéiere fir di nächst Schrëtt ofzeklären.

Lëtzebuerg, den 10. Oktober 2025

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau